



---

*INFO-KAD:*

Email: [info@kad.lu](mailto:info@kad.lu)

Tel: 23 63 97 18

(Lou Anzia-Ney)

---

## EEN NEIT MATENEEN !

Kierch am Duerf – Tiefkühlatmosfera ?

Katechees am Duerf – Marathonlaf a schlechte Schong?

Evangelium 2019 – d'Verkënnegung, dass dat, wat äis aus Gottes Vollkommenheet eraus uvertraut gouf, fir éiweg méi grouss bleift, wéi dat wat mir capabel sinn ze schafen oder ofzerappen!

Bonjour zesummen. Dës Aleedung ass net provokativ geduecht, ma et sinn déi Elementer, op déi mir als asbl „Kierch am Duerf-Gemeng Useldeng“, an doriwwer eraus, eng Äntwert wëlle sichen, ee Wee, deen äis Hoffnung mécht, deen eis Zweiwele reduzéiert, eis eegen, an och eis gemeinsam.

### 2019: Kierch am Duerf oder Duerf ouni Kierch?

Wann all Gedeeften duerzou misst eng ganz perséinlech Argumentatioun virleeën, wat géif engem spontan afalen? Fält äis zum Thema Evangelium, Relioun, Glawen, Temoignage, iwwerhaapt nach eppes an, op äis selwer bezunn, op Gott bezunn, op eis Kanner, op eisen nächsten Noper vläicht, oder dee Frieme virun der Dir?

### Katechees fir d'Par oder Katechees an der Par?

Territorial Par oder Entscheedungs-Par, Katechees fir Kanner mat Daf, Kommioun a Firmung am „Wuerekuerf“, oder Katechees als Weebegleedung a Glawensstärkung fir Grouss a Kleng: Chrëschten an Net-Chrëschten, déi op der Sich sinn no existenziellem Sënn a Fridden, an der grousser Onrou vun eiser Zäit.

### Sakramentespendung „op Bestellung“?

oder Sakramenter als Geschenk vu Gnod no enger selwer erwënschter an erfëlltener Virbereedung. Oder empfanne mir Parkatechees als een net glafwierdege Marathonlaf a schlechte Schong, zu alle Säiten hin?

### Kanner-Katechees?

dem Alter vum Kand ugepasst, oder awer vläicht „Kannergerecht“?

Wat ass no Gottes Wëlle kannergerecht? Bezie mir haut als chrëscht-lech Communautéit ee kannergerechten Ëmgang mat de Mat-mënschen, mat der Natur, mat eis selwer a mat der Begleedung vu Kanner a Jugendlechen, mat deenen Eelern, mat deenen Bedréckten an Ënnerdréckten vun dëser Welt?

Ginn haut, mat der Katechees, déi gedeeft Kanner, zum Produkt vun der Kierch? Bleiwen si net fir ëmmer fir äis d'Gnod vu Gott, empfaangen aus der Léift tëschent Mann a Fra, mat der Responsabilitéit vu Papp a Mamm. Wat wier da „kannergerecht“, wann dem net esou wier. Ass et kannergerecht, d'Kanner de Kierchstrukturen ze iwwerloossen, fir si am Glawen ze begleeden. Wou ass EIST Virbild, EIST „mat hinne, fir si, fir d'Zukunft vun hirer Welt“. Et bläiwt nach vill ze dinn.

D'Evangelium stellt eng ganz Rei Uspréchen eis all, déi Sakramenter „kruten“ an déi se „froen“ fir d'Kanner a fir sech selwer. Sakramenter kann een net akafen oder bestellen. Et kann een se och net iwwer de Postshop uliwwere loossen, géint CASH oder WEB-Banking. Do brauch et schonns e bësse méi.

D'Sakramenter sinn äis geschenkt als novollzéibare Beweis vun der Léift an der Trei vu Gott, verbonne mat eisem Verspriechechen un hien, meeschtens virun aller Ëffentlechkeet, an dacks agepaakt a vill virtuellen Tamtam eisersäits, woumat mer wëllen „d'Traditioun“ oprecht erhalen. Wat fir eng Traditioun, zur Eier vu wem? Kenne mer eis eege Sakraments- a Gottesverspriechechen nach der Rei no. Kommen si äis nach heiansdo an de Sënn, wa mir no liewenswäerte Liewenswäerter sichen. Sinn si äis nach Zouversicht a Weebegleeder?

### **Kierch am Duerf oder Duerf ouni Kierch, dat bleiwt d'Fro!**

Muss ech, kann ech a wëll ech mäi Glawensverpriechechen u Gott weider anhalen? Wéi a wou, eleng oder zesummen? Wat bedeit fir mech an dësem Kontext den Ausdrock „KIERCH am Duerf“: ee Stee-Gebai, ee spirituelle Raum, ee Séilebedierfnëss, eng Sécherheet, eng Mëtt mat aneren, eng Verbonnenheet vu Raum an Zäit, ee Gebiet, ee Verlaangeren no eppes méi Déiwem, ee Raum vu Besënnung, mäin Engagement oder eng Erënnerung u mäin Engagement, u wat fir een Engagement? Wat brauch ech, wat wënschen ech mir, wat deet mir wéi, wat verstinn ech net, woufir sinn ech bereet? ECH, net déi Aner. Ech, fir déi Aner.

„Catéchèse en paroisse“, dëse Begrëff soll äis eng oppen Dier ginn, fir eise Glawen zäitbewosst a sënngeméis ze erneieren, vläicht nei ze sichen, ze stäerken, ze liewen an dovun Zeechnëss ofzeleeën, opgebaut um Wuert vum Herrgott.

Léif Matmënschen, d'Aféierung vun der neier **PAR-KATECHEES** am Erzbistum Lëtzebuerg am Hierscht 2017 huet nach net all Froen un d'Krëschten vun de Chrëschte beäntwert. Ass et méiglech?

An eiser asbl „**Kierch am Duerf-Gemeng Useldeng**“ hu mir decidéiert, op Allerséilendag, den 2. November 2018, zu Useldeng an der Kierch, bei Geleeënheet vun eiser 2ter Hëllegennuecht, ee Ronndësch –Gespräch ze initiéieren zum Thema „Parkatechees -Een neit Mateneen!, fir domat, no der Hëtzt vun dësem Summer, eise Glawens-Duuscht e bëssen ze stëllen, an ze versichen, an eiser kathoulescher Glawensgemeinschaft oppe Strukturen ze zeechnen, wou Plaz ass fir jiddereen, wou et erëm méiglech gëtt, sech auszetauschen an een deen aneren besser ze verstoen an ze begleeden, a wou Gottes Wuert eis gemeinsam Mëtt ass a bleiwe soll.

Dir sidd häerzlech invitéiert. **Treffpunkt: den 2. November 2018, um 19,30 Auer zu Useldeng an der Kierch.** Jiddereen ass wëllkomm. Weider Detailer fannt Dir um Schluss vun dëser Newsletter.

LN.

## NÄECHST RENDEZ-VOUS'en



Sonndes, den 21. Oktober zu Useldeng am Centre Culturel

Reservéiert lech den Datum !

Flyere kommen an d'Heiser- Spende fir d'Tombola beim Anny Linster ofginn.  
Reservatioun: Tel: 23 63 91 34 (A. Linster) oder 23 63 80 34 (M. Boudler)

## "START NOW" - Concert vun GEN VERDE



Mir besichen ee ganz kreative Concert vun GEN VERDE am Conservatoire an der Stad! Eemolegt Eerlebnis fir Jugendlecher vun 13 Joer un, an och all erwuesse Matbierger, mat 22 Artisten aus 15 Länner a verschiddene Kulturen.

Een Engagement fir eng Kultur vu Fridden, Dialog an Unitéit.

Denschdes, den 30. Oktober 2018 owes um 20.00 Auer am Conservatoire zu Lëtzebuerg. Käschtelpunkt: 25 € fir Erwuessener a 15 € fir Studenten

EIS asbl „Kierch am Duerf“ bezilt de Bus: Invitéiert äer Famill / Kanner an Enkelen. Depart zu Useldeng beim Centre Culturel: um 18:30 Auer

Dir kënnt är Ticket'en entweder selwer bestellen bei [www.luxembourgticket.lu](http://www.luxembourgticket.lu) oder [iech bei eis mellen](http://iech.bei.eis.mellen), da bestelle mir d'Ticket'en fir lech a bréngen se mat an de Bus


Umeldungen bis den 15. Okt: [claudemetz@me.com](mailto:claudemetz@me.com) oder Tel 621 165 423

Hei fannt dir weider informationen: <https://www.cathol.lu/homepage-accueil/mei-actuelles-plus-d-actualites/start-now-workshop-pour-jeunes-et-concert-avec-gen-verde.html>

## AM OKTOBER – Mëttwochs an der Kierch um 19.00 Auer

Rousekranz-Gebietsowender

FIR EIS VERSTUERWE VUM JOER (Nov.2017-Oktober 2018) a fir d'Uleies vun eise Kranken.



03.10.2018 zu Iewerleng:

fir: Pavani Ferruccio, Schroeder Albert, Rach Léon, Neuhengen-Streveler Maisy

10.10.2018 zu Useldeng:

fir: Closener Paul, Anzia Nic, Majerus Marc, Pomaro Albert, Reding-Koel Louise, Grethen Gust, Seil-Traufner Elise, Da Silva M.Teresa, Losch Roby

17.10.2018 zu Rippweiler:

fir: Lentz-Wagner Lydia

24.10.2018 zu Schandel:  
fir: Reuter-Schmit Getrude, Barthelemy Fernande

Programm: Gesank / Aféierungs-Meditatioun / 3 Gesätzer  
Rousekranz / Fürbitten / Gebiet.

Betraffe Famillen kënnen eng Foto vun hirem Verstuerwene mat an d'Kierch bréngen. Mëllt dëst am beschten un beim Lou Anzia. Tel: 23 63 97 18.

## **JUGEND- a SPORTSKOMMISSIOUN vun der Gemeng Useldeng**

Ausstellung iwwer eis Veräiner vun der Gemeng Useldeng.  
Samschdes, den 13. Oktober 2018

am Sport- a Schoulkomplex „Op Weidfeld“ zu Useldeng.

Flyere mat Programm an Auerzäiten kommen an d'Heiser.

"Kierch am Duerf - Gemeng Useldeng asbl" mecht mat! Mir stellen d'Aktivitéiten an d'Zieler vun eiser Asbl fir a wiere frou, nei jonk Memberen ze gewannen, fir äis an eiser Missioun ze stäerken. z.B. Matbierger, déi wëilten a enger kommunaler „Kierchegeschichtsgroup“ matschaffen, jonk Leit, Musek-Gesank- a Reliounsinteressierter, déi bereet wieren, verschidden Aktivitéiten vun der Kanner- a Jugendkierch ze begleeden an ze animéieren. Kommt bis bei äis. Merci.

## **MERCI ALLEN DONATEUREN vum „DON NIC ANZIA" † 17.2.2018.**

Eis asbl „Kierch am Duerf-Gemeng Useldeng“ seet jidder Donateur ee waarme Merci. Den DON vun 4'505 € ass reservéiert fir d'Verschéinerung vum Useldenger Kiercheraum.

## **MERCI ALLEN DONATEUREN fir de Projet "Un jardin pour tous".**

De 7. Juli 2018 konnte mir, bei Geleeënheet vun eiser interner Ofschlossfeier vun eisem KAD-Aarbechtsjoer 2017-2018, dem Här Paschtouer Mathieu Janssen een DON vun 4'000 € iwwerreechen. Dësen DON (Resultat Barmhärzegkeetsfest 2017/2018) gëtt am CONGO-Projet vum Här Paschtouer agesat, fir de Mënschen op der Plaz nei Arbeitsperspektiven ze bidden. Villmools Merci alle Spender. Déi gesammelt Brëller goufe weidergeleet, grad ewéi d'Timberen, déi mir u MISSIO Lëtzebuerg iwwermëttelt hunn.

## **Déi FREIER PARBIBLIOTHÉIK vun USELDENG**

(Bicher aus de 50ger Joren) gëtt opgeléist.

Matbierger, déi eventuell un eenzelen ale Bicher interesséiert sinn, kënnen sech beim Lou Anzia mëllen a kréien een Abléck an d'Lëscht vun de Bicher, op Rendez-vous, Mëttwochs am Useldenger Paschtoueschhaus Tel: 23 63 97 18. Ee fräiwëllege Bäitrag fir eis Kierchen ass wëllkomm.

## **USELDENGER CHRËSCHTMAART 2018**

Wie schenkt äis gutt erhale Chrëschtbaam-Dekoratiounen vu fréier ?  
- (méi al wéi 30 Joer) - Während dem Useldenger Chrëschtmaart kënnt Dir äis

domat hëllef, an der Useldenger Kierch ee „Chrëschtbam wéi fréier“ dekoréieren.

Umeldungen: Tel: Lou Anzia. 23 63 97 18

Wie Loscht huet, de Kanner eng Chrëschtgeschicht op Lëtzebuergesch / Däitsch / Franséisch oder Portugisesch ze erzielen bei der Krëppchen an der Useldenger Kierch, kann sech mëllen beim:

Marianne Harpes: marianne.harpes@education.lu oder  
Léa Barthelemy Tel: 83 85 84. Si këmmen sech ëm d'Organisatioun.

## "NIGHT OF THE SAINTS 2018"

Table-Ronde zu Useldeng an der Kierch  
Allerséilen, den 02.11.2018 um 19.30 Auer

Thema: „PAR-KATECHEES 2019“

Een neit Mateneen! Wou ass eise Glawen drun, a wou eis Par? Wat ass Katechees?

### Gespréichspartner:

Patrick De Rond:	Directeur de la Catéchèse-Erzbistum
Christine Marx-Heck:	Coordinatrice Catéchèse Par Lëtzb N.Dame
Gérard Kieffer:	Modérateur Par Atertdall - Sainte Claire
Carlo Philippe:	Titularkatecheet Par Atertdall - Sainte Claire
Abbé Mathieu Janssen:	Paschtouer Par Atertdall - Sainte Claire

### Et diskutéiere mat:

Lou Anzia-Ney, Presidentin asbl "Kierch am Duerf"  
Metz Claude, Familljepapp a Sekretär vun der asbl "Kierch am Duerf"  
Marianne Harpes an Léa Barthelemy, Resp. Aarbechtsgrupp Kannermassen

## EN TEXT DEEN ET A SECH HUET !

Un professeur universitaire défia ses élèves avec cette question: « Est-ce que Dieu a créé tout ce qui existe? ». Un étudiant répondit bravement: - Oui, Il l'a fait!

Le professeur dit: «Dieu a tout créé?». - Oui, Monsieur, répliqua l'étudiant. Le professeur répondit: « Si Dieu a tout créé, Il a donc aussi créé le mal puisque le mal existe et selon le principe de nos travaux qui définissent ce que nous sommes, alors Dieu est mauvais ».

L'étudiant fut silencieux devant une telle réponse. Le professeur était tout à fait heureux de lui-même et il se vantait devant les étudiants d'avoir su prouver encore une fois que la foi en un dieu était un mythe.

Un autre étudiant leva sa main et dit: «Puis-je vous poser une question professeur?». - Bien sûr, répondit le professeur. L'étudiant répliqua, «Professeur, le froid existe-t-il?». - Quel genre de question est-ce cela? Bien sûr qu'il existe. Vous n'avez jamais eu froid? dit le professeur.

Le jeune homme dit, «En fait monsieur, le froid n'existe pas. Selon la loi de physique, ce que nous considérons être le froid est en réalité l'absence de chaleur. Tout individu ou tout objet possède ou transmet de l'énergie.

La chaleur est produite par un corps ou par une matière qui transmet de l'énergie. Le zéro absolu (-460°F) est l'absence totale de chaleur; toute la matière devient inerte et incapable de réagir à cette température. Le froid n'existe pas. Nous avons créé ce mot pour décrire ce que nous ressentons si nous n'avons aucune chaleur.»

L'étudiant continua. «Professeur, l'obscurité existe-t-elle?». Le professeur répondit: - Bien sûr qu'elle existe! L'étudiant: «Vous avez encore tort Monsieur, l'obscurité n'existe pas non plus.

L'obscurité est en réalité l'absence de lumière. Nous pouvons étudier la lumière, mais pas l'obscurité. En fait, nous pouvons utiliser le prisme de Newton pour fragmenter la lumière blanche en plusieurs couleurs et étudier les diverses longueurs d'onde de chaque couleur.

Vous ne pouvez pas mesurer l'obscurité. Un simple rayon de lumière peut faire irruption dans un monde d'obscurité et l'illuminer. Comment pouvez-vous savoir l'espace qu'occupe l'obscurité? Vous mesurez la quantité de lumière présente. N'est-ce pas vrai? L'obscurité est un terme utilisé par l'homme pour décrire ce qui arrive quand il n'y a pas de lumière».

Finalement, le jeune homme demanda au professeur, «Monsieur, le mal existe-t-il»? Maintenant incertain, le professeur répondit: - Bien sûr, comme je l'ai déjà dit. Nous le voyons chaque jour. C'est dans les exemples quotidiens de l'inhumanité de l'homme envers l'homme. C'est dans la multitude des crimes et des violences partout dans le monde. Ces manifestations ne sont rien d'autre que du mal!

L'étudiant répondit, « le Mal n'existe pas Monsieur, ou au moins il n'existe pas de lui-même. Le Mal est simplement l'absence de foi en Dieu. Il est comme l'obscurité et le froid, un mot que l'homme a créé pour décrire l'absence de foi en Dieu. Dieu n'a pas créé le mal. Le Mal n'est pas comme la foi, ou l'AMOUR qui existe tout comme la LUMIÈRE et la chaleur. Le Mal est le résultat de ce qui arrive quand l'homme n'a pas l'AMOUR de Dieu dans son coeur. Il est comme le froid qui vient quand il n'y a aucune chaleur ou l'obscurité qui vient quand il n'y a aucune LUMIÈRE. »

Le professeur s'assis, abasourdit d'une telle réponse. Le nom du jeune étudiant ?

Albert Einstein

**[PARTAGEZ CETTE MAGNIFIQUE LEÇON !](#)**